

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.


Nächst Joer wäert zu Lëtzebuerg nees eng Vollekszielung stattfannen. Déi lescht Vollekszielung war 2011. Fir laangfristeg Entwécklungen ze erkennen, ze vergläichen an ze analyséieren, ass et wichteg, ëmmer erëm déi selwecht Froen ze stellen.

1. Ass geplangt an der Vollekszielung vun 2021 déi selwecht Froen ze stelle wéi 2011?
2. Ass geplangt fir weider Froen ze stellen, an zu wéi engem Thema?

An der Vollekszielung 2011 ass de Sproochgebrauch esou erfrot ginn: „*Welche Sprache(n) sprechen Sie üblicherweise?*“ Gefrot ginn ass nom Sproochgebrauch „*zu Hause, mit den Angehörigen*“ an „*in der Schule, am Arbeitsplatz*“. Zur Wiel stoungen: „Luxemburgisch, Französisch, Deutsch, Portugiesisch, Italienisch, Englisch, eine andere Sprache“, mat der Méiglechkeet, e puer Sproochen ze nennen.

3. Ass geplangt déi Fro vun 2011 iwwert de Sproochegebrauch genee esou och 2021 ze stellen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten